N°8013
Entrée le 22.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.05.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 22. Mee 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Zënter 2019 léisst den ECG (Ecole de Commerce et de Gestion) senge Schüler vu 4e bis 1re am Enseignement secondaire général bei de Sproochen de Choix, andeem si tëschent Franséisch an Englesch als „Branche fondamentale" kënne wielen. Dat ass 2019 esou autoriséiert ginn a soll mengen Informatiounen no vun der Schoulrentrée 2023/2024 net méi däerfe weidergefouert ginn, ausser op den 2e- a 1ere-Klasse „Marketing" a „Finanzen".

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Wéi motivéiert den Här Minister seng entspriechend Decisioun?
- Firwat däerfe Schüler op de 4e GCM- an 3e GCM-Klasse souwéi och an der 2e a 1ere GCG-Sektioun (Gestion) dëse Choix net méi hunn?
- Ass eng Evaluatioun vum Konzept vum Choix tëschent Franséisch an Englesch als „Branche fondamentale" gemaach ginn?
    - Wa jo, wien huet déi Evaluatioun duerchgefouert a wéi eng Conclusioune goufe gezunn?
    - Wann net, firwat net?
- Wéi erklaert den Här Minister d'Ofschafe vun dësem Choix an engem „traditionellen" ëffentleche Lycée, wärend seng allgemeng Bildungspolitik duerch eng grouss Ouverture bei Enseignement an Evaluatioun vun de Sprooche gekennzeechent ass an de Choix tëschent verschiddene Sproochen an den ëffentlechen Europaschoule systematesch geférdert gëtt?
- Wéi erklaert den Här Minister d'Tatsaach, dass Bréiwer vu verschiddene Membere vun der Communauté scolaire (Elterecomité, Schülercomité, Conférence du lycée, SePAS, Franséisch- an Englesch-Professeren a Schouldirektioun) net consideréiert ginn ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op parlamentaresch Fro Nr. 8013 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

D'Demande vun der École de Commerce et de Gestion (ECG) ass effektiv déi, datt d'Schüler op de Sektioune vun der *Division administrative et commerciale* de Choix tëscht Franséisch an Englesch als „Discipline fondamentale" an de Sprooche solle kréien.

Op de Sektioune *Finance* an *Marketing, médias et communication*, déi nëmmen am ECG ugebuede ginn, ass dëst als Projet autoriséiert ginn, dee selbstverständlech nom Oflaf vun engem kompletten Zyklus wäert evaluéiert ginn.

Op de Klasse vu 4e an 3e GCM gradewéi och op deene vun der Sektioun *Gestion* (2e GCG a 1re GCG), stellt d'Situatioun sech anescht duer.

Fir d'éischt sief gesot, datt en Aarbechtsgrupp ënnert der Leedung vum Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) sech wäert mat enger méi genereller Analys an enger méiglecher Reform vum Curriculum vun deene Klassen auserneesetzen. Et ass dofir elo net de Moment, dësen Aarbechte virzegräifen, a just um Niveau vun de Sproochen ze agéieren.

Ausserdeem handelt et sech ëm Klassen, déi landeswäit ugebuede ginn, an op deenen Honnerte vu Schüler ageschriwwe sinn. Et ass also net ubruecht, de Schüler vun enger Schoul eng Méiglechkeet unzebidden, déi anerer net hunn: de Choix vun der „Discipline fondamentale" ass nämlech promotiounsrelevant a kann dofir net ënnerschiddlech vun enger Schoul zur anerer gehandhaabt ginn.

De Verglach mat den ëffentlechen agreéierten Europaschoulen ass dofir och net richteg; et handelt sech hei ëm Schoulen, an deenen en anere Sproochregime appliziéiert gëtt.

Iwwert all dës Considératiounen ass den Direkter vun der École de Commerce et de Gestion mëndlech a schrëftlech informéiert ginn; hie wäert d'Membere vun der Schoulcommunautéit doriwwer informéieren.

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH